**Remise solennelle**

## des Diplômes et Certificats de l'Artisanat 2024

**Certificat de capacité professionnelle**

**Diplôme d'aptitude professionnelle**

**Diplôme de technicien**

## du Prix de la Meilleure Entreprise Formatrice 2024

## du Prix Rotary du Meilleur Apprenti 2024

# Allocution de Monsieur Alex KIEFFER, Vice-Président de la Chambre des Métiers

**Maison du Savoir, Esch-Belval, le 28 novembre 2024**

Här Premier Frieden,

Här Minister Meisch,

Här Minister Mischo,

Léif Représentanten aus der Chamber,

Leift Léierpersonal,

Leif Frënn vum lëtzebuerger Handwierk,

A virun allem, léif Lauréaten,

Am Numm vun der Chambre des Métiers, vun der Chambre des Salariés a vum Educatiounsministère begréissen ech Iech ganz herzlech op onser feierlecher Diplomiwerreechung!

Et ass all Joer eng grouss Freed an eng enorme Eier fir virun esou enger fantastescher Kulissen dierfen esou vill jonken Leit fir hir Réussite ze félicitéieren.

- Ze félicitéieren fir hir Ausdauer an hir Engagementer an den Ausbildungsbetrieb an och an der Schoul,
- Ze félicitéieren fir déi formidable Leeschtungen am Projet Intégré Final.

An engem Saatz: Bravo fir Är Réussite!

Ech denken Dir mierkt wéi stolz mir hei bannen alleguerten op Iech sinn, stolz op Är Réuissite an op alles dat wat Dir an ären Léierjoren verënnerlecht hudd.

Dat sin fachlech Kompetenzen déi all Joer a ronn 700 Ausbildungsbetrieber an an de Lycéen u ronn 1700 Apprentien vermëttelt ginn, awer och sozial Kompetenzen op déi et an dësen dach net ëmmer einfachen Zäiten och ukënnt.

Nierwent ärem Fachwëssen hu dir déi lescht Joeren och geléiert, dat et ouni Respekt, Oppenheet, positiv Haltung, Toleranz, Eierlechkeet, Dialogbereedschaft a Solidaritéit schwéier ass säi eegenen Wee ze goen.

Dat sin d'Valeuren fir déi d'Handwierk, nierft sengen fachlechen Kompetenzen, steht.

Dëss Valeuren kombinéiert mat ärem Fachwëssen forméieren en zolliten Bagage fir är Zukunft. Vill Diren stin Iech elo op. Dir kënnt an Ären Betrieber Responsabilitéit iwerhuelen an dat wat dir geléiert hut an dat wat dir nach léieren musst dann och nees weider ginn, esou fir Är Mentoren a Tutoren dat mat Iech gemach hunn.

Dir kënnt och eng Meeschterprüfung machen, selbständeg gin an ären eegenen Patron sinn.

Egal fir wat fir ee Wee Dir iech wärt décidéieren, wichteg ass, dat dir net stoen bleift, dat dir Är Kompetenzen wieder ausbaut an opfrëscht, wëll d'Welt ronderem Iech bleiwt nëtt stoen dofir notzt d'Offer un Weiterbildung iwwert Är ganz Carrière.

Esou bleift Dir fit a prett fir néi Défien unzegoen. An mat all Défi erginn sech néi Perspektiven, néi Opportunitéite an néi Objektiver an dat iwewerall am Handwierk, sief et an de Beräicher Energie, Klima, Wunnengsbau, Infrastrukturen awer och an der Alimentatioun, an der Mécanique, an der Beruffer vun der Mode, der Gensondheet, der Hygiène, der Communicatioun, queesch durch all Handwierksberufer ergin sech stänneg fir Iech nei Méiglechkeeten.

Färt also net fir nei Défien unzehuelen, iwerhuelt bewosst néi Responsabilitéiten an engagéiert Iech och iwert är Betrieber eraus, z.b an den Beruffsassociatiounen oder éventuell méi spéit als zukünfteg Patroen oder Décideuren an der Federatiounen. Hei kënn Dir aktiv gin fir är Beruffer ze promouvéieren, ze protégéierer, an Ärt Wëssen, Är „Skills“ enger nächster Generatioun vun Jonken weiderzevermëttelen.

Dir hutt et gréistendeels selwer an der Hand, mat vill Dynamik, Engagement, Wëssen an Persévérance kënn dir et am Handwierk ganz weit brengen, an dat aus eegener Kraft.

Här Premier Frieden,

Fir d'letzebuerger Handwierk a fir eis Lauréaten ass et immens wichteg, datt Dir un dëser Feier Deel huelt. Dir ennersträicht domadden de Stellewert vun onsem Secteur an der Formation professionnelle. Mir soen Iech, wéi och den aaneren Hären Minister, Merci fir Är Präsenz.

Erlabt mir nach e klengen clin d'oeil politique un den Här Minister Meisch an senger Qualitéit als Educatiouns-Minister ower och als Logements Minister.

Deenen Jonken vun haut an déi déi no hinnen kommen, muss et méigelech sinn, mat eegenen erschaften Moyenen, en Accès un de Logement zu kréien, dat an hirem eegnene Intérêt awer och am Intérêt vun onsem Land an senger Gesellschaft.

Dëst gesot, bleiwen d'Perspectiven fir am Handwierk Carrière ze machen ganz gutt. D'Handwierk brauch deemno an de kommenden Joen vill gudd qualifizéiert Leit. Den CCP, den DAP, den Techniker an de Brevet de Maîtrise leien voll am Trend. Déi grouss Majoritéit vun de Profiler, déi vun de Betrieber gesicht gin, sinn Qualifikatiounen aus der Beruffsausbildung.

D'Chambre des Métiers begréisst dat d'Valoriséierung vun der Ausbildung eng Prioritéit fir d'Regierung ass. Déi gemeinsam vum Ministère an den Beruffs-Chamberen geplangten Campagne fir d'Beruffsausbildung, sinn fir den Artisanat eng ganz wichteg Initiative, déi wärt kennen laangfristeg ausgeriicht gin.

D'Annonce vum Här Minister Meisch all d'handwierklech Beruffsausbildungen bis d'Rentrée 2027/2028 och op Franséisch ze offeréieren, ennerstëtze mir voll a ganz, och wann dësst an engem zimmlech enker Zäitfënster muss emgesaat gin, wat vir all engagéiert Acteurs'en een groussen Défis wärt ginn.

D'Handwierk hëllt sozial Verantwortung wouer, andeems de Betriib seng Mataarbechter an de Mëttelpunkt stellt. Besonnesch awer duerch d'Offer vun enger grousser Unzuel vun Ausbildungsplaatzen, durch d'Hellef vun jonke Leit bei der beruflecher Orientéierung an den Invest an d'Weiderbildung vun de Mataarbechter.

Daat as eng gudd Nouvelle fir Iech, léif Lauréaten. Daat as eng gudd Nouvelle fir all déi Jonk, déi amgaangen sin oder déi mam Gedanken spillen, eng Ausbildung am Handwierk ze machen.

Ech well awer och den politesch Verantwortlechen nach eng Kéier rappeléieren, dat haptsächlech d'Handwierksbetrieber sech em d'Ausbildung um Terrain këmmeren an dat d'Betrieber guer net gären hun, wann déi fresch diploméiert kurz no hirer Ausbildung dann vun den Gemengen, dem Staat oder soss parastaatlechen Entitéiten débauchéiert ginn.

Mir lossen keng Situatioun aus fir ze ennerstreichen, dat dëss „ Pratique „ net gudd fir ons Betrieber ass. Wéinst der Pénurie vun qualifizéierten Handwierker brauche mir ons Leit. Déi débauchéiert Kolleegen ginn dann oft mat Arbechten chargéiert, déi ganz einfach a gudd kéinten un d'Handwierksbetrieber vergi ginn.

Dësst ass also een doubelen Verloscht, engersäits u Ressourcen, anerersäits un Chiffre d'affaires.

Dat ass esou nëtt méi akzeptable, schons guer nëtt a Krisenzäiten, wou de Staat an d'Gemengen d'Halschend vun den neien Aarbechtsplaatzen zu Lëtzebuerg besaat hun. Mir wiren also frou, wann een deen Débauchage kéint ennerbannen.

A wann eng Verwaltung trotzdem no der Ausbildung débauchéiert, da soll d'Regierung dovir suergen, dat den Handwierksbetrieb per Gesetz eng Compensatioun fir säin Opwand kritt.

Nach een läscht Wuert zu der Innovatioun an der Bildungspolitik zu Lëtzebuerg.

Si berout op engem staarken Partenariat zweschen dem Edukationsministär an de Beruffschamberen, wat eng breed Diskussioun am Konsens erméigelecht.

An Zukunft ass och hei den Innovatiounsgeescht gefuerdert, fir verschidden Weichen am Bildungswiesen nei ze stellen. Well och d'Bildungspolitik muss sech stänneg un die nei Erausfuerderungen unpassen.

Mir denken do un éischter Stell un d'Initiativ, déi de Minstère an d'Weeër geleed huet, nierft dem akademeschen Wee, deen schons besteet, een neien, gläichwertegen professionnellen Héichschoul-Kader opzestellen.

D'Chambre des Métiers begréisst dësen innovativen Usaatz, deen et wärt erméigelechen onsen Diploméierten Jonken weider Entwecklungsméigelegkeeten a Punto Qualifikatioun um Niveau „Supérieur“ ze erméiegelchen.

Dir Dammen an Dir Hären,

Zwee Lauréaten vun haut den Owend hun een ganz speziellen Mérite. Sie sinn dofir Virbiller fir ons alleguer:

- deen éischten Lauréat as eng Entreprise. Sie zeechent sech aus duerch hiren virbildlechen Asatz an de Bereicher Ausbildung vun jonke Leit an Weiderbildung vun hiren Matarbechter. Dofir gëtt sie geéiert mam « Prix de la Meilleure Entreprise Formatrice 2024 » ;
- deen zweeten Lauréat as een jonke Mensch. Hien huet besonnesch gudd Leeschtungen an senger Formatioun opzeweisen. Dofir gëtt hien geéiert mam « Prix Rotary du Meilleur Apprenti 2024 ».

D'Nimm vun deenen zwee Lauréaten gin mir an puer Ablecker gewuer.

----------

Leif Alleguer,

Zum Schluss nach een Merci:

- Merci all deenen, déi Iech, léif Lauréaten, an Ärer Formatioun mat Rot an Dot ennerstetzt hun; Merci all deenen, déi an de Ministèren, de Schoulen, de Commissiounen, de Chamberen Support gin hun, Ären Familien an all deenen, déi sech beruff fillen, sech fir Ierch anzesëtzen, Merci all Deenen déi permanent un Ierch gleewen,

  An ech sinn mir sëcher, de schéinsten Merci fir Sie Allerguerten ass Är Réussite, déi mir haut den Owend feieren.

No der Zeremonie bleiwen mir nach ee Moment zesummen. Ons Receptioun as d'Geleenheet fir ons kennen ze léieren, fir mateneen an d'Gespéich ze kommen, fir een deen aaneren besser ze verstoen.

Merci fir d'Nolauschteren!